ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

D'Iwwerschwemmunge vum 15. Juli 2021 hunn d'Bevëlkerung vun eisem Land schockéiert a viru grouss Erausfuerderunge gestallt. All d'Beräicher vum ëffentleche Liewe sinn duerch dës Katastroph impaktéiert ginn. Dozou gehéieren och déi denkmalgeschützt Sitten a Bauten.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi ee Schued ass duerch d'Iwwerschwemmungen un den denkmalgeschützte Bauten, Sitten an Objeten entstanen, zum Beispill an der Basilika an Abtei zu Iechternach?
2) Ginn et scho Schätzungen, wéi héich de Schued an deem Zesummenhank ass?
3) Ass ee spezielle Budget vum Kulturministär virgesinn, fir deen entstanene Schued ze behiewen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten